LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Enseignement supérieur
et de la Recherche

Le Ministre

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
23 MARS 2020

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 23 mars 2020

**Concerne**: Question parlementaire n° 1931 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser au sujet de l'Institut Max Planck Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n° 1931 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser au sujet de l'Institut Max Planck Luxembourg.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Claude MEISCH
Ministre de l'Enseignement supérieur
et de la Recherche

18-20, montée de la Pétrusse
L-2327 Luxembourg
Tél. (+352) 247-85206
Fax (+352) 40 66 98
www.mesr.public.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Enseignement supérieur
et de la Recherche

Le Ministre

**Äntwert vum Här Minister fir Héichschoul a Fuerschung op d'parlamentaresch Fro n° 1931 vum honorabelen Deputéierten Fernand Kartheiser iwwert de Max-Planck-Institut zu Lëtzebuerg.**

Ech reagéieren op dem honorabelen Deputéierten seng Froe mat dëse Präzisiounen.

Zwëschen 2012 an 2020 krut de Max-Planck-Institut (MPI) zu Lëtzebuerg vu staatlecher Säit folgend Dotatiounen iwwert de Budgetsartikel 03.1.41.010:

| **Joer** | 2012 | 2013 | 2014 | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **Dotatioun [M€]** | 1,00 | 3,37 | 8,05 | 10,82 | 11,05 | 11,87 | 10,97 | 11,49 | 10,94 |

De Kooperatiounsvertrag vum Mee 2009 an de Zuwendungsvertrag vum Juni 2012 mat der Max-Planck-Gesellschaft (MPG) gesinn eng dauerhaft an onbedéngten honnertprozenteg Grondfinanzéierung vir, déi iwwert d'Budgetsgesetz festgeluecht gëtt. Mam Finanzéierungsgesetz vum 25. November 2014, wat mat 54 Jo-Stëmmen an 3 Abstentiounen vun der Chamber ugeholl gouf, kann de Lëtzebuerger Staat jäerlech den MPI zu Lëtzebuerg an enger Héicht bis zu 12 Milliounen Euro (Index 775,17) finanzéieren.

D'Max Planck Institute Foundation Luxemburg ass eng Stëftung a muss deemno laut Artikel 34 vum modifizéierte Gesetz vum 21. Abrëll 1928[1] all Joer dem Justizministère seng Compten a säi Budget matdeelen. Am Aktivitéitsrapport 2016 – 2018 vum MPI zu Lëtzebuerg, deen een op der Internetsäit vum MPI zu Lëtzebuerg erofluede kann, ginn op 322 Säiten am Detail d'Strategie, d'Struktur an Organisatioun, d'Fuerschungsaktivitéiten, d'Kooperatiounen, d'Infrastrukturen an de Wëssenstransfer beschriwwen.

Den drëtten Departement fir Verfahrensrecht a Reguléierung um MPI zu Lëtzebuerg gëtt et nach net, well de Rekrutéierungprozess vum Direkter net konnt erfollegräich ofgeschlossginn. Op Propositioun vun der MPG gouf dës Rekrutéierung säit 2019 op Äis geluecht, wat ech begréissen am Kontext vun de rezenten Entwécklunge beim MPI zu Lëtzebuerg.

D'MPG huet mengem Ministère matgedeelt, dass den 1. Mäerz 2020 um MPI zu Lëtzebuerg eng nei Verwaltungsdirektesch ugefaang huet, déi direkt dem Verwaltungsrot vun der Max Planck Institute Foundation Luxemburg ënnersteet. Ech erwaarde mir, dass domat d'Verwaltung, y inclus d'Personalverwaltung, méi professionell opgestallt gëtt. Den 9. Mäerz 2020 hate Beamte vu mengem Ministère een Austausch mam Verwaltungsrot vun der Max Planck Institute Foundation Luxemburg. Do gouf festgehal, dass d'MPG een detailléierten Audit duerchféiert betreffend d'Virwërf vu Mobbing an engem vun den Departementer um MPI zu Lëtzebuerg.

[1] Loi du 21 avril 1928 sur les associations et les fondations sans but lucratif, telle qu'elle a été modifiée par les lois des 22 février 1984 et 4 mars 1994.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Enseignement supérieur
et de la Recherche

Le Ministre

D'Regierung evaluéiert net déi wëssenschaftlech Aarbecht vum MPI zu Lëtzebuerg, mee déi gëtt vun engem vun der MPG opgesate "Fachbeirat" duerchgefouert, dee reegelméisseg déi wëssenschaftlech Evaluatioun vum MPI zu Lëtzebuerg a vu sengen Direkteren duerchféiert.
Déi lescht wëssenschaftlech Evaluatioun ass 2019 duerchgefouert ginn. De "Fachbeirat" attestéiert dem MPI zu Lëtzebuerg als jonk Fuerschungsinstitutioun "outstanding" an hirem Beräich ze sinn an ass impressionéiert vun de Fuerschungsaktivitéiten a Publikatiounen, der Qualitéit vun der Bibliothéik an de jonke Fuerscher, dem Austausch mat aneren internationale Fuerscher an der akademescher Visibilitéit.

An de leschten aacht Joer gouf eng Zesummenaarbecht mat der Universitéit Lëtzebuerg an der Europäescher Cour de Justice zu Lëtzebuerg opgebaut. De Wëssenstransfer, deen heiraus resultéiert an dee vum "Fachbeirat" als positiv evaluéiert gouf, gëtt am Aktivitéitsrapport 2016 – 2018 vum MPI zu Lëtzebuerg beschriwwen.